N°2158
Entrée le 27.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aussenugeleeënheeten weiderzeleeden.**

An de leschten Deeg a Woche ginn an der Press, souwuel national wéi och international, ëmmer méi dacks Norichten doriwwer, dass Touristen net an d'USA dierften areese respektiv festgeholl ginn an an Abschiebehaft landen. De Fall vun engem franséische Wëssenschaftler virun e puer Deeg huet fir Opreegung gesuergt: Hie soll op der US-Grenz ofgeleent gi sinn, wéinst der Kritik vum Trump a senge privaten Handys-Messagen - laut engem offizielle Statement hätten et dofir awer aner Grënn ginn. Verschidden europäesch Länner hunn dowéinst och schonn hir Reesrecommandatioune verschärft.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Réckweisungen vu Persoune mat engem Lëtzebuergeschem Pass gouf et an de leschte 5 Joer (opgeschlësselt pro Joer)?

2. Ass zënter der Vereedegung vum Donald Trump den 20te Januar hei eng Hausse festzestellen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten